ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. November 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Fir e Land ewéi Lëtzebuerg, mat villen Auslänner, ass et wichteg, datt op där enger Säit d'Nationalsprooch vermëttelt, ënnerriicht a geférdert gëtt an op där anerer Säit och d'Méisproochegkeet hir Plaz behält. Aus deem Grond huet den Institut national des langues (INL) eng wichteg Funktioun als ëffentleche Sproochen- a Bildungszenter vum Land.

An deem Kontext wéilt ech den Här Educatiounsminister gär froen:

1. Stëmmt et, datt de Leit, déi hire Sproochecours am INL net packen, de volle Präis vum Cours rembourséiert gëtt? Zënter wéini gëtt et dee Prinzip vum Remboursement beim Netbestoe vun engem Sproochecours am INL?
2. Huet eng Persoun, déi an enger privater Sproocheschoul Coursen hëlt, och d'Méiglechkeet, de Präis vun hirem Cours, oder en Deel dovunner, rembourséiert ze kréien, wa si dësen net packt?
3. Wat fir eng Administratioun ass verantwortlech fir de Remboursement?
4. Gëllt dëse Prinzip bei all Zort vu Sproochecours oder gëtt dësen op bestëmmte Coursë limitéiert?
5. Ass d'Unzuel vu méigleche Remboursementer hei limitéiert? Wa jo, wéi vill Remboursementer stinn engem zou, wann ee Sproochecoursen beleet? Bezitt sech d'Limitatioun vun der Unzuel vu méigleche Remboursementer op d'Persoun, déi Sproochecoursë beleet, oder op d'Widderhuele vun engem Cours?
6. Wéi vill Remboursementer goufe jeeweils am Lëtzebuergesch, Däitschen a Franséischen an deene leschte 5 Joer gemaach?
7. Wat fir Coursë ginn am heefegste rembourséiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten